2024/25 : COURS À OPTION – CLASSES DE 2E/1ERE

Titre : **Analogfotografie**

Titulaire(s) du cours : Guy Wolff, Sarah Sonnetti
Classes : 2es et 1ères
Horaires : vendredi de 12h35 à 14h20
Salle : labo photo
Nombre maximal d'élèves : 10

Finalités et objectifs de l'option

« Vum Motiv iwwert de Film zur Foto »

Dëse Cours wëll de Schüler an déi faszinéirend Welt vun der **analoger Schwaarz-Wäiss Fotografie** aféieren. An eiser schnellliewеger digitaler Welt erlieft déi klassesch analog Fotografie en neien Opschwong. Analog ze fotografféiere bedeit, sech Zäit huele fir d'Motiv, d'Liichtverhältnisser, d'Kompositioun beim Fotografféieren an och beim Entwéckelen vun dëse Fotoen an der Dunkelkammer.

Programmme

De Schüler léiert de Fotoapparat mat senge Funktioune kennen (Blend-, Zäitastellung, Schäerft, Déiwteschäerft, déi verschidden Objektiver, asw.)
Dono gi schwaarz-wäiss Filmer (no engem festgelueten Thema) fotografféiert a selwer an der Dunkelkammer vum LGE entwëckelt, fir d'éischt den Negativ an dann, vun dësem och d'Positiver, also d'Fotoen gezunn.

Méthodologie, déroulement

Niewend dem technesche Basiswëssen, geet et och ëm deen artisteschen Deel vun der Fotografie: Wéi maachen ech e gudde Cadrage, eng interessant Mise en scène? Wéi kann ech d'Qualitéit vu menger Foto an der Dunkelkammer optiméieren? Wéi präsentéieren ech meng fäerdeg Fotoen?

Public cible

Fir Schüler, déi op eng Konschtschoul wëlle goen ass et sécher e Plus, Kenntnisser an der analoger Fotografie ze hunn.

Equipement requis

Eng analog Kamera kritt de Schüler vum LGE geléint, mee wann hien eng eege Kamera huet, däerf selbstverständlech domadder geschafft ginn.